



**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°1431 du 25 octobre 2024 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Remboursement des frais relatifs aux formations de l'ADEM »**

**Fro N°1 : Wéi eng Léisunge bitt d'ADEM de Leit, déi an der uewe beschriwwener Situatioun sinn?**

Am Kader vu sénger Missioun fir d'Employabilitéit vun de Leit, déi op der Sich no Aarbecht sinn, ze verbessern, schafft d'ADEM mat enger Rei Partner am Beräich vun der Formatioun zesummen, wéi z.Bsp. den *Centre national de Formation professionnelle continue* (CNFPC), den *Chambres professionnelles* (Chambre des salariés - CSL, Chambre de Commerce - CC, Chambre des Métiers - CdM), den *Institut National des Langues Luxembourg* (INLL), den *Competence Center, Digital Learning Hub* (DLH), wéi och mat aneren öffentlechen Organismen an Associatiounen déi eng (inter)ministeriell Konventioun hunn (COSP-HR, Initiativ Rëm Schaffen, etc.).

Dës Partner erlaben der ADEM hir Offer un Formatiounen all Joer ze erweideren an den Aarbechtssichenden d'Méiglechkeet ze ginn gratis Formatiounen a verschiddene Kompetenzberäicher ze maachen (sectoriell, transversal, sproochlech, etc.).

2023 huet d'ADEM 5.499 Participatiounen un dësen gratis Formatiounen festgehalten, géintiwuer 3.551 2022.

Zudem kënnen d'Aarbechtssichend vum Dispositif « Bon à tarif réduit » profitéieren, deen hinnen et erlaabt e reduzéierten Droit d'inscription ze kréien (10€ pro Cours), fir Formatiounen ze suivéieren ënnert der Koordinatioun vum *Service de la Formation des Adultes* (SFA) oder dem INLL.

2023 sinn 6.846 Bongen gebraucht ginn vun den Aarbechtssichenden, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn.

Donieft kann een, ënnert verschiddene Konditiounen, eng finanziell Hëllef (*Aide à la formation professionnelle*) kréien, fir Formatiounen déi nët direkt vun der ADEM couvréiert ginn, an dat egal op een *Chômeur indemnisé* ass oder *Demandeur d'emploi* (*Règlement grand-ducal du 10 mai 2007 déterminant les conditions et modalités d'attribution d'une aide à la formation professionnelle*).

Wann d'Initiativ vum Aarbechtssichenden kënn, dann besteet d'Hëllef aus engem Zréckbezuelen vun engem Deel vun de Formatiounskäschten.



An dësem Fall muss den Aarbechtsichenden d'Formatiounskäschten prefinanzéieren an kritt dann no der Formatioun, sous réserve dass seng Demande formell ugeholl gouf, 75 % vun de Käschten rembourséiert, plafonnéiert op de *Montant mensuel* vum *Salair social minimum* fir nët qualifizéiert Aarbechter. Déi reschtlech 25% kann hien rembourséiert kréien, wann hien séng professionnell Réintegratioun reusséiert an an den 3 Méint no der Formatioun en CDI oder en CDD vun op d'mannst 18 Méint kann presentéieren.

**Fro N°2 : Kéint d'ADEM hei net och d'Käschte vun der Formatioun direkt virstrecken?**

**Falls nee, besteet dann net d'Méiglechkeet, dass d'ADEM ee Pabeier ausstellt, mat deem d'Leit op mannst kéinten ee Kredit op enger Bank ophuelen, fir hir Formatioun kënnen ze bezuelen an d'Suen duerno vun der ADEM rembourséiert ze kréien?**

Den virgenannten Règlement grand-ducal vum 10 mai 2007 gesäit déi direkt Prise en charge vum Fonds pour l'emploi vun de Formatiounskäschten vir, am Fall wou d'Initiativ vun der Ufro fir eng Formation professionnelle vun der ADEM kënnt. Dës Méiglechkeet notzt d'ADEM am Kader vun de Programmer *Upskilling* an *Reskilling*, déi Enn 2022 lancéiert goufen.

D'Zil vum Aarbechtsministère an der ADEM ass et méi systematesch op dës Méiglechkeet vun der direkter Prise en charge vun de Formatiounskäschten zréckzegréifen, fir de Leit op der Sich no Aarbecht den Accès zu pertinenten Formatiounen ze erliichteren an dat ouni Prefinanzement.

Luxembourg, le 11 novembre 2024

**(s.) Georges MISCHO**  
**Ministre du Travail**